# PÄIPERLÉCK

## Aides et Soins à Domicile - Résidences Seniors









**Päiperléck S.à r.l -**
**Aides et Soins à Domicile - Résidences Seniors**

ass säit 2009 een Familljebetrib, mat enger Equipe vun ronn 330 Leit.

### Volet «Soins à Domicile»

Mëttlerweil hun mir 6 Antennen, verdeelt durch d'ganzt Land:

- Rodange
- Esch-Uelzecht
- Beetebuerg
- Dikrech
- Schengen
- Beefort

Weiderhin bitt den Päiperléck sengen Klienten verschidden Servicer an ënnerschiddlech Bereicher un:

**Krankenfleeg:** Blutanalyse, Betreiung vun Diabetiker, Preparatioun vun den Medikamenter, Palliativ Fleeg, asw.

**Allgemeng Fleeg:** Deeglech Hëllef bei der Toilette, beim Un- an Ausdoen, bei Beweegungsënnerstëtzung bei Leit déi ageschränkt sinn an der Mobilitéit, asw.

**Ennerstëtzend Fleeg:** Krankengymnastique, Ennerstëtzung bei den Kommissiounen wéi och beim Kachen, Psychologesch Ennerstëtzung, Administrativ Hëllef, asw.

**Haushaltshëllef:** Beim Botzen doheem, bei der Wäsch machen, wéi och beim akafen goen.

All dës Servicer kënnen vun Iech an Usproch geholl ginn vun **Moies 6 Auer bis Owes 22 Auer während 7 Deeg an der Woche**. Eis Servicer gin individuel op de Besoinen vum Klient ungepasst.

## Volet «Residencen»

Hei kennen eis Klienten sech entscheeden tëschent:

**Centre Intégré pour Personnes Âgées (CIPA)**
«Résidence Du Parc Ronnwiss» zu Rodange (säit 2010), «Résidence Bel-Âge» zu Esch (säit 2011).

**Logement Encadré (Betreit Wunnen)**
«Résidence Les Jardins de Schengen» zu Schengen (säit 2015), «Seniorenresidenz Petite Suisse» zu Beefort (säit 2017).


Appartement an eiser Residenz "Ronnwiss"

## Volet «Centres Psycho-Gériatrique (CPG) / Foyers de Jour»

- «CPG Ronnwiss» zu Rodange
- «CPG Bel-Âge» zu Esch-Uelzecht
- «CPG Petite Suisse» zu Beefort
- «CPG Edengreen» zu Beetebuerg

## Volet «Vakanzebetter»

An eisen Haiser zu Esch-Uelzecht Schengen an Beefort hun mir jeweils 1 Vakanzenzëmmer zur Verfügung.

Weinst der grousser Nofro hun mir säit Summer 2017 mam Romantik Hôtel Bel-Air Sport & Wellness vun Iechternach e Partenariat laafen am Bereich vun de Vakanzebetter. Genau wéi an eisen Seniorenresidenzen sinn en Deel vun den Zëmmeren Senioren- a Behennertengerecht angeriicht.

Eng Equipe vum Päiperléck ass Dag an Nuet op der Platz an këmmert sech em d'Betreiung an d'Fleeg vun den Klienten. De Klient genéisst den Forfait Voll-Pensioun an fillt sech wei an der Vakanz.

## Néien Volet «Nuets Päiperléck»

Säit November 2017 bidden mir eisen Klienten och eng Betreiung Nuets un. Dëse Volet betrëfft haaptsächlech Klienten, dei Palliatif Fleeg kreien. Eis Equipe vum «Nuets Päiperléck» sinn landeswäit am Asaz an betreien des Klienten tëschent 22 Auer an 6 Auer. **Den «Nuets Päiperléck» ass ënnert der Nummer 28 800 300 ze erreechen.**




Päiperléck Mataarbechter sinn houfreg Iech an den hei am Land geleefechsten Sprochen uspriechen ze kënnen (Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an Portugisesch). De Päiperléck ass e Familljebetrib an 2ter Generatioun an mir leën Wert drop, all Klient déi beschtméiglech Fleeg, Betreiung an Ënnerstëtzung bei sech doheem, an eisen Haiser oder an eisen CPG'en unzebidden.

Eis qualifizéiert Mataarbechter hun emmer en oppent Ouer fir d'Suergen a Wënsch vun eisen Klienten an mir probéieren eng optimal Betreiung ze garantéieren.

Fir weider Informatiounen kënnt Dir eis gären per Email op **info@paiperleck.lu** kontaktéieren oder eis ënnert der Nummer **26 65 86** erreechen.

Päiperléck
S.à r.l.

**Eis Equippe stinn Iech zu Verfügung**
Administrativen Buro: 1b, rue Stohlbour
L-6181 Gonderange Tel. 26 65 86
www.paiperleck.lu info@paiperleck.lu